

Lëtzebuerg, de 17. November 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden:

„ D'Héichwaasser vum 14. a 15. Juli 2021, wat uechter ganz d'Land grouse Materialschued verursaacht huet, gouf vum Regierungsrat als « catastrophe et calamité naturelle » deklaréiert, wat dozou gefouert huet, datt eng finanziell Ënnerstëtzung vun 100 Milliounen Euro fir déi betraffe Leit konnt zur Verfügung gestallt ginn. Dës Hëllef riicht sech u Stéit, Geschäfte an och un d'Gemengen. Di concernéiert Gemengen si gebiede bis den 31. Dezember 2021 hir Remboursement-Demande fir entstane Schied iwwer e Formulaire mat de néidege Justifikatiounen eranzeschécken.

An deem Kader wollt ech der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

- Wéi vill Gemengen hunn bis haut op Basis vun der ministerieller Circulaire n°4021 de « Formulaire Intempéries » erageschéckt?*
- Ginn d'Demandë vun de Gemenge reegelméisseg bei néien Devisen ugepasst oder muss jeeweils e neien « Formulaire Intempéries » vun de Gemengen erageschéckt ginn?*
- Kann d'Madamm Minister scho soen, respektiv aschätzen, wéi héich insgesamt d'Schied sinn, déi op Gemengenniveau ze verzechnen sinn?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Kënnen iwwer de « Formulaire Intempéries » och Remboursementer vun de Käschte vu provisoeresche Strukturen, déi sinistréiert Gemengeninfrastrukturen temporär ersetzen, gefrot ginn? Falls net, kënnen di concernéiert Gemengen op enger anerer Basis eng finanziell Ënnerstëtzung fir provisoersch Strukturen ufroen?*
- *Gëtt et am Inneministère eng Kontaktpersoun, respektiv e Kontaktservice, dee vun de Gemengen, déi vun der Naturkatastroph getraff goufen, direkt kontaktéiert ka ginn?*
- *Huet d'Madamm Minister konkret Informatiounen driwwer, wat fir een Undeel vun der finanzieller Ënnerstëtzung vun der Regierung fir d'Gemenge reservéiert, spriech virgesinn ass? Wéi vill Prozent vun de Remboursement-Demande vun de Gemenge kënnen domat vun der Regierung iwwerholl ginn?*
- *Kann d'Madamm Minister eis matdeelen, wéini a wéi vill schonn un déi jeeweileg Gemengen ausbezuelt gouf? “*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN

Deputéiert